Pressecommuniqué 14.4.2015

Ënnerstëtzt d'Jugendkonferenz d'Plattform *minte.lu* an d'Auslännerwahlrecht?

Mir sinn frou dass d'UGDA no eisem Pressecommuniqué vum 12. Abrëll kloer stellt, dass si awer net fir de Jo ass, mä sech neutral verhält.

Weider stellen mir fest dass d'CGJL (d'Jugendkonferenz) um Internetsite vu *minte.lu* steet als Ënnerstëtzer vun dëser Plattform fir d'Auslännerwahlrecht. Domat positionéiert sech och d'Jugendkonferenz kloer en vue vum Referendum iwwert d'Auslännerwahlrecht vum 7. Juni 2015.

Em sou méi verwonnerlech ass et dann, dass an engem Interview am *paperjam* vum President vun der Jugendkonferenz, Maurice Losch, folgendes ze liesen ass:

«En tant que Conférence générale de la jeunesse luxembourgeoise, nous nous sommes limités à examiner la question de l'abaissement du droit de vote de 18 à 16 ans.
Pour ce qui concerne le droit de vote à accorder ou non aux résidents étrangers, nous préférons laisser d'autres mouvements ou associations plus impliqués que nous vis-à-vis de ce sujet s'exprimer. » 6.4.2015*

Mir froen eis:

- Ënnerstëtzt d'Jugendkonferenz dann elo minte.lu an domat och d'Auslännerwahlrecht oder net?
- Kann d'Jugendkonferenz, déi sech selwer als „*Dachverband der Jugendorganisationen in Luxemburg*" mat enger „*bunten Mischung an Mitgliedsorganisationen"* bezeechent, iwwerhaapt eng politesch Meenung unhuelen, wann een bedenkt dass eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger an wuel och ganz vill Memberen vun hiren Memberorganisatiounen géint d'Auslännerwahlrecht sinn?

D'Initiativ *nee2015.lu*
(Associatioun an der Grënnung)
Kontakt: Fred Keup, Mamer, 691 656 728
Mail: kontakt@nee2015.lu

* http://paperjam.lu/questions/retablir-et-rajeunir-lequilibre-democratique